

**Äntwert vun dem Här Premierminister, Staatsminister, op d'parlamentaresch Fro n°3607 vum 10. Februar 2021 vum honorabelen Här Deputéierten Fernand KARTHEISER iwwert den "droit d'accès du Service de Renseignement de l'État à certains documents"**

- 1. Kann den Här Staatsminister dat confirméieren? Ass et korrekt, datt zënter 2016, de SREL net den néidegen Accès op d'Plicedatebank (partie documentaire) huet, fir d'Enquêtes de sécurité konform zum „Accord de sécurité“ vun der NATO duerchzeféieren?**

D'Autorité nationale de sécurité (ANS) ass responsabel, fir d'Enquêtes de sécurité am Kader vun den Habilitatiounsprozeduren auszeféieren. Déi Enquêtë baséieren sech op d'Gesetz vum 15. Juni 2004 (*loi modifiée du 15 juin 2004 relative à la classification des pièces et aux habilitations de sécurité*) dat a senger 3. Sektoun (Artikelen 21 bis 26) iwwer d'Enquête de sécurité handelt.

Den Artikel 22 vum Gesetz vum 2004 garantéiert der ANS en **direkten** Accès zu den Datebanken déi am Artikel 4 vum Gesetz vum 15. Juni 2004 iwwert den SRE (*loi modifiée du 15 juin 2004 portant organisation du SRE*) geregelt war, an mam neien Gesetz vum 5. Juli 2016 iwwert d'Reorganisatioun vum SRE (*loi modifiée du 5 juillet 2016 portant réorganisation du SRE*), ass den **direkten** Accès op eng Rei Datebanken am Artikel 10, Paragraphe 2, virgesinn.

Bezüglech der ANS hirem Accès op d'Plicedatebanken garantéiert d'Gesetz vum 2004 (Punkt b. vum Artikel 22) deen nämmechten direkten Accès ewéi d'Gesetz vum 2016 (Punkt h. vum Artikel 10, Paragraphe 2) op d'"partie „recherche“ de la banque de données nominatives de police générale".

Den direkten Accès op d'"partie documentaire" ass an deenen zwee Texter net virgesinn.

D'Gesetz vum 2016 gesäit also an deem Kontext keng Ännerung an der Legislatioun par rapport zum Gesetz vum 2004 vir.

- 2. Wa jo, ass d'Regierung sech bewosst, datt dëst net kompatibel mat eisen internationalen Obligatiounen ass?**

D'Habilitatiounsprozedur - an déi associéiert Sécherheetskontrollen - déi op der Basis vum Gesetz vum 15. Juni 2004 ausgefouert gëtt, respektéieren déi international Regeln déi de Kader virginn, nämlech um Niveau vun der EU d'*Décision du Conseil du 23 septembre 2013 concernant les règles de sécurité aux fins de la protection des informations classifiées de l'Union européenne*, d'NATO-Direktiven zur Informatiounsécherheet an den *Accord sur la Sécurité des Informations entre les Parties au Traité de l'Atlantique Nord avec ses annexes 1, 2 et 3*, deen Lëtzebuerg den 14. Juli 1998 ënnerschriwwen huet an duerch d'Gesetz vum 15. Juni 2004 approvéiert gouf.

Et ass och ze ënnersträichen dass d'NATO-Direktiven just "*end requirements*" virgesinn (nämlech Loyautéit, Integritéit an Diskretioun) an kengem Land direkt a präzis Regeln imposéieren fir des ze erreechen.

### **3. Ass d'NATO iwwert déi Ännerung an eiser Legislatioun informéiert ginn?**

Wei ënnert der Fro 1 erklärt huet d'Legislatioun vun 2016 keng Ännerung am Kontext Accès zu Policedatebanken mat sech bruecht.

### **4. Ass den Net-Zougang zu der „Partie documentaire“ vum Policefichier scho bei NATO Inspektiounen thematiséiert ginn? Wéini war déi lescht Inspektioun an deem Sënn?**

Déi lescht NATO Inspektioun war den 19-21. Juni 2019.

Während der NATO Inspektioun goufen den 19. Juni 2019, ënnert anerem, d'Gesetz vum 15. Juni 2004, d'Gesetz vum 5. Juli 2016 an de Gesetzesprojet n°6961 traitéiert.

D'NATO huet keng Kommentaren oder Recommandatiounen zum Zougang zu den Datebanken formuléiert.

Wat de legale Kader betrëfft hunn déi Inspektiounen d'Intentioun vun de lëtzebuergeschen Autoritéite fir d'Gesetz vun 2004 ze moderniséiere begréisst.

### **5. Kann d'Regierung garantéieren, datt an Zukunft all international Sécherheetsobligatiounen agehale ginn, fir datt den Zougang vu Lëtzebuerg zu klassifizéierten Informatiounen net op d'Spill gesat gëtt?**

Wéi schonn ënnert der Fro 2 erklärt kann d'Regierung garantéieren dass d'Habilitatiounsprozedur - an déi associéiert Sécherheetskontrollen - déi op der Basis vum Gesetz vum 15. Juni 2004 ausgefouert gëtt, déi international Regeln déi de Kader virginn respektéieren.

Déi regelméisseg Sécherheetsinspektiounen vun der EU a vun der NATO déngen dozou fir déi respektiv national Regeln ze iwwerpréiwen a gegebenenfalls Verbesserungsvirschléi ze maachen.

An deem Kontext ass et och wichteg op den Artikel 7 vum Arrêté grand-ducal vum 9. Mee 2018 "*portant fixation de la gouvernance en matière de gestion de la sécurité de l'information*" ze référéieren, dee virgesäit:

*"Les principes et les règles de sécurité aux fins de la protection des informations classifiées de l'Union européenne s'appliquent mutatis mutandis à chaque fois qu'aucune disposition n'existe au niveau national pour la sécurité des informations classifiées nationales."*